ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Medieminister, d'Madame Ëmweltminister, den Här Gesondheetsminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg soll als eent vun deenen éischte Länner op der Welt op sengem ganzen Territoire e 5 G Reseau fir nach méi e séieren mobillen Internet kréien. Dëst huet d'Regierung am Kader vum Koalitiounsaccord ugekënnegt.

Schonn Enn vun dësem Joer soll mat der Testphas respektiv mam Ausbau ugefaange ginn. Parallel maachen awer weltwäit sëllechen onofhängeg Fuerscher op Risiken fir d'Gesondheet opmierksam. Vill Wëssenschaftler fuerderen, datt virun der Aféierung vum 5 G fir d'éischt néideg, weider Etüden missten duerchgefouert ginn.

Am Fall vum 5G schéngt nach net genuch iwwer méiglech Gesondheetsrisike fir de Mënsch gewosst ze sinn. Verschidden Autoritéiten an der Belsch hunn de 5G Projet dowéinst viru kuerzem gestoppt, wéinstens mol provisoresch.

Och zu Lëtzebuerg weise sech vill Leit besuergt.

Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Medieminister, d'Madame Ëmweltminister, den Här Gesondheetsminister an den Här Wirtschaftsminister stellen.

1. Wéi eng Pläng huet d'Regierung am Kontext vum Reseau 5G zu Lëtzebuerg?

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

2. Wéi stellt d'Regierung sech zu de Sécherheetsrisike vun där Technologie, besonnesch wat d'Gesondheet vum Mënsch ugeet? Op wéi eng Etüden an Erkenntnesser baséiert si hir Politik?

3. Hält d'Regierung et fir opportun dee Projet zu Lëtzebuerg virun ze féieren, och wann am Ausland de 5G plazeweis wéinst potentielle Gefore fir d'Gesondheet vum Mënsch op d'mannst provisoresch gestoppt gëtt?

4. Wëll d'Regierung d'Resultater vu weideren Etüden ofwaarden, ier si Decisiounen hëlt?

5. Verschiddene Presseartikelen no solle bei Tester vum 5 G an der Stad Den Haag an Holland honnerte vu Vullen dout vum Himmel gefall sinn. Kann d'Regierung esou Behaaptungen aus der Press confirméieren? Wann déi Informatioun sollt richteg sinn, wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus dem Tëschefall op déi geplangten Aféierung vum 5G zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten